PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Den Inneminister huet op meng parlamentaresch Fro n°145 geäntwert, dass d'Police an de leschte fënnef Joer 106 Protokoller wéinst organiséierter Heescherei ausgestallt huet an 6 Dossieren beim Parquet opgemaach goufen.

Wärend d'organiséiert Heescherei kloer ënner Strof steet, ass et bei der einfacher Heescherei net esou evident fir d'Police an d'Justiz, fir dës ënner Strof ze stellen. De Procureur vum Bezierk Lëtzebuerg hat op RTL de 17te Januar gesot *"dass d'Mendicité simple am Code pénal net méi besteet. […] 2008 wier d'Immigratiounsgesetz op verschiddene Punkten geännert ginn (notamment den Artikel 563 vum Code pénal) an do hätt de Legislateur wuel "par inadvertance" een Artikel gestrach, an dem et och ëm d'Mendicité simple goung. Et géingen awer Leit ginn, déi géinge soen, dass déi einfach Heescherei de facto net ofgeschaaft gi wier."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet den Inneminister Zuelen dozou, wéi vill Persounen an de Joren 2019 bis 2023 wéinst einfacher Heescherei protokolléiert goufen?

2. Op Basis vu wéi enge legalen Dispositiounen (Gesetzer, Gemengereglementer) huet d'Police d'Infraktioun vun der einfacher Heescherei an der Vergaangenheet festgestallt a protokolléiert? Wéi eng Beweiser an Indizie goufen heifir genotzt, fir dës Infraktioun kënne festzestellen?

3. Wéi eng Informatioune kruten d'Polizisten an der Vergaangenheet (Consignen, Ausbildung an der Policeschoul, etc.) fir déi einfach Heescherei als Infraktioun z'erkennen an ze protokolléieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten